# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°385
DEZEMBER-JANUAR'24

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **70 /230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## LBB SuWa'23



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier




**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




**www.viking-adventures.de**

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# LBB goes PAPERLESS



### Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ...............................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2023-2024

## Simply present LBB-STAFF for 2023-2024:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
ORELLANA Ruben (Reebou)
BOURQUEL Chris (Titan)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)
RODESCH Jasmine (Matka)
FLAMMANG Adrien (Loup)
WOHLGENANNT Amélie
MILLIM Alex

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SC)**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric
MAJERUS Ketty

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)
ENGLEBERT Lara (Dama)RéserveCH

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**

**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 25.-26.11.2023 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

## WICHTEG INFOS:

| | |
|---|---|
| Rendez-Vous: | Den 25.November 23 um ...8 Auer MAT Kaffi<br>...9 Auer OUNI Kaffi |
| Schluss: | Den 26.November 23 um 16 Auer. |
| Wou? | Natiirlech am Home. |
| Waat brauchs du? | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |



**Unmelldung/Souche?**
Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **cg@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech _______________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 25.-26.November 2023 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: ___________________


Chrëschtmaart
18H30 - 21H00
02.
DECEMBER
WOU? BEI EIS AM HOME
FIR WIEN? JIDDEREEN (KANNER, ELTEREN, FAMILL A FRËNN)
WAT ERWAART IECH? WAARME GLÜHWÄIN, SCHOCKI, BOXEMÄNNCHEN, MUSEK, AMBIANCE, DE KANNER HIER BASTELSAACHEN AN NATIERLECH KENNT DE KLEESCHE LAANSCHT ;)
UMËLLDUNG? BIS DEN 29./11. OB CG@LIONSBLEUS.LU MAT DER UNZUEL U LÉIT
PRÄIS? 5 EURO PRO KAPP SINN DEN OWEND SELWER MATTZEBRENGEN
WAT BRAUCH DIR? GUTT WAARM KLEEDER, BECHER

# ROVER-TEMBO-WEEKEND
## Wanter Editioun 2023

Ganz genee, du lies richteg,
am Dezember steet nees e Rover-Tembo-Weekend virun der Dier.
Sou an elo nët méi laang gesabbelt, du wees jo souwisou ëm waat ët geet...
Also mell dëch einfach un ;)

**Wéini: 9.-10. Dezember 2023**

Rendez-Vous: Samstes, 9.12.23_moies 8h45_Gare Dommeldange
> respektiv um: 9h25_Gare Mersch / 10h20_Gare Wiltz
Retour: Sonndes, 10.12.23_+/- 17:00 Auer_Gare Dommeldange

**!!! more details/infos after inscription !!!**

Material: Pic-Nic fir Samschdes-Mëttes, Gegrills fir SO-Mëttes, Carry-Mat, Schloofsaack, e Rucksaack voller Informatiounen & Motivation, 8 8-tëcher, …….

Däin groussen Rucksaack gët wèi ëmmer gefouert an däin klengen Rucksak hëlls du mat ob den Trajet...

**Umeldung** bis spèidstens den 6. Dezember 2023,
**per mail op: takhi@lionsbleus.lu**

- - - Also bis dann um RoverTemboWeekend - Wanter Editioun 2023 - - -

## SC Sortie - Survival den 9.12.2023

Am Bësch verluer? Keen Zelt dobäi? Keng Angscht, kommt mat an erlieft wei een Erausfuerderungen an da Natur iwwerwanne kann!
Eis nächst Sortie ass eng Rees an d'Wildnis, wou Dir erlieft wei een an da Natur Schlofen, kachen a Spaass kennt hunn.

Doot also d´Biergshung un, well mir si bereet!




**Rendez-vous:**
Samsdes, den 9.12.23 um 9:00 beim Hotel Sieweburen
(36 Rue des Sept-Fontaines)

**Retour:**
Um 16:00 beim Fräihétsbam tescht Bridel an Stroossen
(Forêt entre Strassen et Bridel, 8156 Strassen, Luxembourg)

**Präiss:** **6€**, sinn ze iwwerweisen bis den 6. Dezember 2023 op de Compte:
‚Les Lions Bleus-Troupe' (BCEE - IBAN LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: Sortie Survival + Numm vum Scout

**Souche:** Mailen op troupe@lionsbleus.lu

**Waat braauchs du ?**
Dem Wieder ugepasste Kleeder, Biergschong, Täschemesser,
Bidon mat Waasser, Gamelle (Besteck, becher, Kichenduch),
dem Scout seng 7 Saachen...





Heimat erlaaben ech ______________________________

mengem Scout ______________________________ op der

Survival-Sortie den 9.12.2023 deelzehuelen.

Ënnerschrëft: ______________________________

*Kenns du Hänsel a Gretel? Oder Frau Holle?*
*EGAL ob Jo oder Nee, wanns du en MEGA coole Camp mat eis wëlls verbréngen an du interesséiert bass villäicht nei Märercher kennen ze léieren, da mell dech elo un op de Krëschtcamp!*



**Wéini?** **27ten bis den 29ten Dezember 2023**

**Départ?** *Mëttwoch 27.12.23 um 09h15 um Glacis bei den Toiletten*
**Retour?** *Freides 29.12.23 um 14h00 beim Parcours Santé Start (Colpach-Bas, L-8526 Ell / Parking vum Centre de Réhabilitation Coplach - Croix Rouge)*

**Präis?** **45€** *sinn ze iwwerweisen op den Compte: "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: Krëschtcamp'23+Numm vum Participant"*

**Souche & Bezueleung?** *Bis zum 16.12.2023!*

**Wat brauchs du?**
*Dem Wieder ugepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Foulard, Bidon mat Waasser, Ta?scheluucht, Gamelle(Gamelle, Besteck, Becher, Kichenduch), Schloofsaack, Schloof- & Wäschsaachen...*

*Heimat erlaaben ech ............................................................ mengem Beaver ............................................................ vum 27.12-29.12.2023 um Krëschtcamp deel ze huelen.*

*Ënnerschrëft: ..................................................*

# KRËSCHT WEEKEND | FIR MEUTE (LX)

**! Wëllef !**
Et ass eppes ganz schëckleches geschitt!
Den SCHNÉI ass verschwonnen!
Wéi kann dat eppes ginn e Wanter ouni Schnéi. Ouni Ski fueren, Schlitt fueren, Schnéiballschluechten an ouni Schnéimännercher…
Elo kennt just nach dir hëllefen also mëllt iech ganz schnell fir de Chrëschtcamp un an dann fanne mir zesummen de Schnéi erëm!




**Départ:** Den 6. Januar 2024 um 9h00 op der Gare Centrale an der Staat.


**Retour:** Den 7. Januar 2024 um 14h00 zu Colmar beim Home vun den Hirsch (rue de l'Ecole 7730 Colmar-Berg Luxembourg)

**Präiss:** **30€**
sinn ze iwwerweisen bis den 22. Dezember 2023 op den Compte "Les Lions Bleus-Meute" (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000) mat der Mentioun: ChrëschtcampMeute'24 + Numm vum Participant.

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 22. Dezember 2023!



**Waat brauchs du?**
An engem klengen Rucksaak e Picknick fir Samstes, Dem Wieder ugepasste Kleeder (Mutz, Schaal an Hänschen), Schloofsaack, Gamelle, Besteck, Becher, Bidon mat Waasser, Ersatzkleeder, Schlappen, Wäschsaachen, dem Wëllefchen seng 5 Saachen a ganz vill Motivatioun …





Heimat erlaaben ech ……………………………………………………………………………………

mengem Wëllefchen ……………………………………………………………………………… un dem Chrëschtcamp den 6.-7. Januar 2024 deelzehuelen an iwwerweisen d´Suen & ginn d´Souche pünktlech oof!

Ënnerschrëft ……………………………………………………………………

## INVITATION
# ASSEMBLEE GENERALE ORDINAIRE

Léiwe Member, léiw Elteren,

De Comité vun de Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. huet d'Éier lech op eis alljährlech ordinär Generalversammlung ze invitéieren. D'Versammlung wäert stattfannen

**Den 27. Januar 2024**
**um 17.30 Uhr**

**Home FNEL, Fetschenhaff**
**61a Rue de Trèves**
**L-2630 Luxembourg**

**Um Ordre du Jour sti folgend Punkten:**

1. Begréissung an Usprooch vum President
2. Rapport vun der leschter Generalversammlung vum Sekretär
3. Rapport vum Caissier iwwer d'Finanze vum Joër 2023
4. Rapport vun de Keessereviseuren iwwer d'Finanze vum Joër 2023
5. Presentatioun vum Budget fir d'Joër 2024
6. Ernennung vun de Keessereviseuren fir d'Joer 2024
7. Rapport vun den Scoutsaktivitéite vum Joër 2023
8. Erneierung vum Comité fir d'Joer 2024
9. Verschiddenes a Gemëschtes

Merci fir d'Participatioun iwwer Mail op comite@lionsbleus.lu bis de 24.01.2024 ze bestätegen.

# KACHVERSAMMLUNG FIR BV, LX, SG & EX

Fir no der laanger Versammlung eis e bëssen ze stärken, wärten d'**Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer firun der Assemblée Générale eng** Klengegkeet fir eis kachen. a brachen.

**RDV:** 15h beim Home FNEL um Fetschenhaff
**Umeldung:** iwwer Mail op cg@lionsbleus.lu

## Beaver, Beaver, Beaver

### Opgepasst!!

Den Herbert Igel an de Gaston Vogel brauchen eis Hëllef fir de Benny Bei rëm ze fannen, si maachen sech grouss Suergen. Mir mussen hinnen hëllefen de Gaart ze kultivéieren domadder de Benny Bei de Wee zeréck fënnt bei senge Kollegen a si endlech nees zesumme sinn.



**Wéini ?**
Den 10. - 11. Februar 2024
**Rendez-vous:**
Um 10:00 bei den Rotonden
**Retour:**
Um 14:00 beim Home LBB

**Präiss:** **30€**
sinn ze iwwerweisen bis den 27. Januar 2024 op den Compte:
"Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun: Fuesweekend'24 + Numm vum Participant.

**Souche:** D'Souche ass oofzeginn bis spéitstens den 20. Januar 2024

**Waat brauchs du ?**
Dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatzkleeder, Kleeder & Hännercher fir an engem Gaart ze schaffen, Bidon mat Waasser, ee klenge Rucksak, Täscheluucht, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Schlofsak, Schlof- & Wäschsaachen, Foulard, Petzi fir ze schlofen, …



Heimat erlaaben ech ___________________________________
mengem Beaver _________________________________ deelzehuelen
um Fuesweekend vum 10. - 11. Februar 2024 an iwwerweisen d'Suen & gin d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschrëft: ________________________________

# „ Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana.**
Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissed Waasser ze liewen, op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2023 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **09.Februar 2024** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus
**Zerèck:** Sonndesmoies, den **18.Februar 2024** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus
**Präiss:** **460 € / 240 € = Total € 700**
Daat heescht 460 Euros fir Transport, Chalet, Iessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 240 Euros fir den Skipass bezuelen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Schloofen, Iessen, Schwammen...) --> bezuelen 460 Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen 240 Euros.
(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover"
>>> bis spéidstens den 1.02.2024 mat der Mention "Techuana 2024 & Numm vum Participant".

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och **50 €** duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ........................................................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

..................................................................................................
mat um **TECHUANA-Wantercamp'24** (09-18.02.2024) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft ..........................................................................
SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

**Mir ginn Schlittschong fueren!**

Sou lues verstëbsen eis Schlitt-schong am Keller !
Dofir gëtt et héich Zäit, dass mir se mol erëm benotzen !
Mell dech séier un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréien kennen.



**WEINI:** Den 24. Februar 2024 um 10:00 op dem Parking Kockelscheier

**RETOUR:** 15:00 baussen op dem Parking Kockelscheier

**PRÄISS:** **6€**

**WAAT BRAUCH ECH:**
Dem Wieder ugepassten Kleeder (Händschen,Schal, Mutz, deck Stremp,...), Bidon mat Waasser, Pic-Nic an dem Scout séng 7 Saachen!

**SOUCHE:**
Ass ofzeginn bis spéitstens den 04. Februar 2024 bei déngen Cheffen!



Heimat erlaben ech ..........................................................................
mengem Scout .......................................................................... den 24.
Februar 2024 un der Schlittschong-Sortie deel ze huelen.

Schonggréist vum Kand .......... Ënnerschrëft .........................................













**Léif Explorer, léif Exploretten,**
**Paakt är Sportstäsch!**
**An dann geet ët lass**
**bei d'Kiewerlècken vun Stroossen...**

Ët ass erëm esou wäit, den Explorer Sportsdag steet virun der Dier wou déi verschiddenen Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Team-geescht an hier Kämpfernatur de ganzen Daag kënnen ënner Beweis stellen an a verschiddenen Sportaarten kënnen moossen...

**Wéini?** 14.Januar 2023 +/- 10 – 17h00
**Waat muss ech matbréngen?**
Sportskleeder, Turnschong, Bidon, Team T-shirt & Duschsaachen...

**Unmelldung**? bis 16.12.23 bei déngen Cheffen.

**Praiss & genee Auerzaiten**
>> gëss de dono nach gewuer!




LIONS BLEUS
19
14
BE PREPARED
UPDATE!
ZIERINGS,
NIEDERÖSTERREICH
WoidLa24
SUMMER
CAMP
AUGUSTE
05.-15. 2024
PRÄIS?
Tëscht 600 € a 700 €. Genaue Präis kritt Dir nach gesoot!
UMËLLDUNG?
Bis den 03. Februar 2024 ob summercamp.lbb@gmail.com
+ éichten Accompte vun 200 € ob de Konto:
LU56 0019 4955 9099 1000 matt der Mentioun Summercamp 2024 1. Accompte +
Numm vum Kand
MEI INFORMATIOUNE KOMME NO!

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 16.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 23.+30.12.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 27.-29.12.2023 | | CAMP |
| 06.01.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 13.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 20.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 27.01.2024 | | Versammlung & AG LBB |
| 03.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 10.+17.02.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.-11.02.2024 | | WEEKEND |
| 24.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02.03.2024 | | SORTIE |
| 09.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 16.03.2024 | | k.Versammlung > FNEL RO/TB Quiz |
| 23.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 16.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 23.+30.12.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 06.-07.01.2024 | | CAMP |
| 13.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 20.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 27.01.2024 | | Versammlung & AG LBB |
| 03.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 10.+17.02.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 24.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 02.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 09.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 16.03.2024 | | k.Versammlung > FNEL RO/TB Quiz |
| 23.03.2024 | | SORTIE |
| 30.03.-01.04.2024 | | CAMP |
| 06.+13.04.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | | SORTIE |
| 16.12.2023 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 23.+30.12.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 06.01.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 13.01.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 20.01.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 27.01.2024 | | Versammlung & AG LBB |
| 03.-04.02.2024 | | FNEL EXPLO |
| 10.+17.02.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.-18.02.2024 | | TECHUANA |
| 24.02.2024 | | SORTIE |
| 02.03.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 09.03.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 16.03.2024 | | k.Versammlung > FNEL RO/TB Qui |
| 23.03.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 05.-07.04.2024 | | CAMP |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | |
|---|---|
| 02.12.2023 | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | EX Versammlung |
| 09.-10.12.2023 | RO/TB Weekend |
| 16.-17.12.2023 | EX Weekend |
| 17.12.2023 | FNEL RO BA op der Rumm |
| 23.+30.12.+6.01.2024 | keng Versammlung - Vakanz |
| 14.01.2024 | FNEL EX SportsDag bei den PI |
| 20.01.2024 | EX Versammlung |
| 27.01.2024 | Versammlung & AG LBB |
| 03.02.2024 | EX Versammlung |
| 10.+17.02.2024 | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.-18.02.2024 | TECHUANA |
| 24.02.2024 | EX Versammlung |
| 02.03.2024 | EX SORTIE |
| 09.03.2024 | EX Versammlung |
| 16.03.2024 | k.EX Versammlung > FNEL RO/TB Qu |
| 16.03.2024 | FNEL RO/TB Quiz |










# RAPPORT SuWa‘23| GROUPE (ab Scouten)

Mir haten e super Gruppe Summer Camp.
Mat flotter stemmung a ville experience déi eis Scouten an Explorer gewanne konnte:) Wann dir Loscht hutt mäi iwwert eise Summer Camp ze erfahren, da lauschtert gären an eise super Podcast mat de Kanner eran.








Podcast

After movie

# RAPPORT G-Versammlung| GROUPE (GR)


Dëst Joer wo d'Thema vun der Gruppeversammlung "Rees ronderëm d'Welt". Ziel wo et als Lions Bleus eng kéier queesch iwwert eise Globus ze fléien a néi Géigende kënnen se léieren. Dofir krut all Equippe ee Passport, dass si och an all deene Länner ee Stempel kréie konnten. Ugefaangen huet déi ganz Rees natierlech um Fluchhafen. Héi misst all Equippe eng kéier um Rad dréie fir erauszefanne wou d'Rees higeet. Méiglechkeete waren: Suez, Hong Kong, San Fransico, Kolkatta, Liverpool a Yokohama. An deene Stied misst all Equippe dann eng Aufgab léise fir ee Stempel ze kréien. Ziel wo et de ganze Passport voll ze kréien. All Equippe huet dat super gemaach! No dëser ustrengender mee flotter Versammlung wo et dann och nees Zäit fir d'Rees nees zeréck Heem unzetrieden.





# RAPPORT G-Montée| GROUPE (GR)

**Samschtes, den 30. September**

Wéi gewinnt ass eis Montée scho Samschdes Moies lass gaangen. D'Scouten an d'Explorer hunn sech nämlech um hallwer 10 ob der Dummeldenger Gare getraff fir zesummen ob den Trajet ze goen. Si hunn ee flotten Tierche ronderëm Stad gemaach a woren am fréien Nomëtte nees an eisem Home. Géint 14h hunn sech dann och d'Beaver an d'Wëllefcher beim Home getraff. Nom Carré hunn si sech dann, fir d'éischt emol, getrennt. Déi néi Beaver hunn hier Montée an d'Beaverbranche gemaach andeems se kleng Aufgaben ob verschidde Poste maache missten. Déi méi al Beaver, déi hier Montée an d'Wëllef maache missten, hunn hire Beaver Kolleegen an hire Cheffen Äddi gesot an hunn hire Wee an d'Wëllefersbranche gemaach. Dëst gouf am virfält vun de Wëllefcher virbereet. Géint der Nomëtten hunn déi al Wëllefcher hier néi Komeroden an hirer Mëtt opgeholl. Wéi et dunn Zäit wo fir d'Owesiesse wo jidderee prett mat Forschette a Messer, wëll Jidderee wo auserhéngert. Zum Gléck gouf et eis traditionell Bolognese ze iessen, Mega lecker!!!





# RAPPORT G-Montée| GROUPE (GR)





No dem gudden Iessen ass dann och déi 2. Etappe vum Weekend lass gaangen, nämlech d'Scouts- an Explorer Montée. D'Meute ass am fréien Owend a Richtung Montéesplaatz getréppelt an huet do hiren eelste Wëllefcher Äddi gesot an hinne vill Gléck an hirer nächster Etappe vun hirer Scoutskarriere gewënscht. D'Meute ass duerno dann zeréck an Home getréppelt an ass schlofe gaangen. Fir déi Kanner déi allerdéngs hier Montée an d'Scouten oder Explorer gemaach hu wo et nach méi ee laangen Owend. Wat ob der Montée geschitt ass, ma dat bléift ee Geheimnis ??





**Sonndes, den 01. Oktober**

Sonndes huet den Dag fir Jiddereen um 08h gestart. No engem klenge Frühsport an engem gudde Moiesiessen ass de Programm fir Sonndes lass gaangen. All Branche huet sech mat Spiller versicht besser kennen ze léieren an déi néi Kanner an der Branche wëllkomm ze heeschen. Mëttes hu mir dann alleguerten zesumme gegrillt a vun dem Phantastegem Wieder profitéiert. Nom Iesse gouf dann alles gebotzt a fort geraumt a jiddereen ass glécklech Heem gaangen.





# RAPPORT Viiz WEEKEND| GROUPE (ab Scouten)

**Viz Weekend mol anescht**
Dest Joer hu mir missen eise Viz-WE e bëssen anescht gestallte well d'Wieder vun dësem Summer keng gutt Appelrekolt erbruecht huet a mir net wei gewinnt Äppel plécke konnte goe. Mir hunn eis awer natierlech eise Spaass u Lëtzebuerger Uebst huele geloos an hunn dowéinst en alternativ Programm gemaach. Samschde Moie goufen et fir d'Scouten an Explorer mat engem kuerzen Trajet bis op Gréiwemaacher wou hir Cheffen op si gewaart hu mat engem Pick-Nick. Dono gouf et dann eng Visitt an de Caves Bernard-Massard. Wou mir duerch d'Kellerei gefouert goufen a all Geheimnisser vum Miseler Liewenselixir erfuere konnte. Dono gouf et dann och leckeren Drauwejus ze schmaache. Owes gouf et da Wäinzoossiss Moschterzooss a Püree fir den Owend da bei engem GBS ofkléngen ze loosse.
Um Zweeten Dag hu mir dann all zesummen eis fir d'Appelstuff preparéiert an hu fläisseg geschafft. Mir hu vun deene wéinegen Äppel déi mir kruten awer nach e bësse Viz gemaach fir ze gesi wei dat fonctionéiert, mir hu lauter lecker Äppel Saache gebak an alles schéin opgeriicht fir dass jidderee um Nomëtteg och am dréchenen an der Appelstuff e Glas Viz, Punch an/oder Kaffi mat sengem stéck Taart konnt genéisse. Et war e flotte Weekend a mir free eis op d'Nächst Joer!





# RAPPORT Soirée| BEAVER&MEUTE (BV/LX)







**Rapport Halloweensortie 03.11.2023**
Am Nomëtten um 16h hu mir eis alleguerte beim Home vun den CBDM zu Märel getraff fir eis grujeleg Halloweenparty. Nodeems jiddereen seng mega flott Verkleedunge virgestallt huet, hu mir e puer Gruppefotoe gemaach fir all déi grujeleg Gestalte festzehalen. Duerno hunn eis Beaver a Wëllef e puer Spiller am Thema dobausse gemaach, bis dat dee lëschte Sonnestral verschwonne wo. Duerno wo et och schonn Zäit fir eise Festmahl! Um Menu stounge Geméisstange mat Dip, Gefëllte Paprika an eng Kürbiszopp. No dem leckeren Iessen, ass d'Party dunn och scho lass gaangen! Et gouf Musek, Spiller an natierlech vill Snacks. D'Party ass dunn esou laang weider gaange bis d'Elteren du komm sinn. Sat, zefridden an e bëssen iwwerzockert sinn d'Beaver an d'Wëllef dunn um 21h Heem gaangen.









# Dem LEO LEIF sain Rezept fir:

# BOXEMÄNNERCHER ...

**Zutaten für 8-10 Männchen:**

600 g Mehl
250 ml lauwarme Milch
200 g Zucker
1 Würfel Frischhefe
100 g Butter
2 Eier
1 TL Salz



**Zubereitung:**

- Das Mehl in eine Schüssel sieben, eine Vertiefung eindrücken.
- Die Hefe in die Vertiefung zerbröseln, etwas Zucker darüber streuen und etwas warme Milch hinzuschütten.
- An einem warmen Ort 10 Minuten aufgehen lassen,
- dann die restlichen Zutaten hinzufügen und mit den Knethaken zu einem Teig kneten.
- Diesen nun 30 Minuten zugedeckt ruhen lassen.
- Wenn der Teig sich verdoppelt hat nochmals 3 Minuten kräftig durchkneten.
- Den Teig zu Männlein formen, mit Milch einreiben und bei 180-200 Grad, (Ober- und Unterhitze) 20 Minuten backen.
- Aus dem Ofen nehmen und nochmals mit Milch bestreichen.
- Unter einem Tuch langsam abkühlen lassen.



# LBB SHOP

## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the
PACKAGE

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt **17€**



Knuet **5€**




Pullover **30€**



Foulard **10€**

and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **27/01/2024** ... 02/03/2024 ... 11/05/2024 ...

# NEWS LBB - LIB séng PostKaartenSammlung













# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 14.12.2023 | RO BA op der Rumm |
| 22.12.2023 | WinterWonderLand |
| 23.12.-07.01.2024 | KRËSCHTVAKANZ |
| 13.-14.01.2024 | TC (3/4) |
| 14.01.2024 | EX SportsDag |
| 20.-21.01.2024 | TC (4/4) |
| 24.01.2024 | CoGro |
| 03.-04.02.2024 | SG Explo |
| 03.-04.02.2024 | BB (1/2) |
| 08.02.2024 | Réunion semestrielle |
| 10.-18.02.2024 | FUESVAKANZ |
| 19.02.2024 | MasterClass |
| 09.-10.03.2024 | BB (2/2) |
| 16.03.2024 | RO/TB QuizOwend |
| 23.03.2024 | TB TrëppelDag |
| 24.03.2024 | TB Dag |

# ET SCHÉNGT ...

01) dat d'Kanner op der G-Versammlung vu Beaver-Tembo vill international Erliefnisser konnten sammelen.
02) wéi wann eis Explorette/futur Chef Amélie bei engem bessi méi speziellen Challenge matgemaa huet
03) dat eist Home succèes huet an d'Lèit ganz kreativ,mee leider nët ëmmer éierlech si bei der Réservation.
04) dat no laanger Zait vun Engagement ët op den héigen Posten an der FNEL Changementer ginn ass.
05) wéi wann nom Jamboree letzte Summer, elo de RoverWay an Norwegen am August um Kalenner steet.
06) dat mir d'Lions Bleus d'letzt Joer den RO/TB Quiz gewonnen hun a soumat 2024 organiséieren mussen.
07) wéi wann ët an den letzten Joren nët ëmmer sou einfach wor Äppel ze organiséieren fir de Viiz-WE.
08) dat den 1.LBB Shop mam SecondHand direkt no der Montée ëmmer nees groussen Uklang fënnt.
09) wéi wann eis Explorer och dës Joer nees um FNEL Explorer KachDuell um Cents vertrueden woren.
10) dat nom LBB Summercamp ‚Suwa' letzt Joer an der Belge et dann nächste Summer an Éisterraich geet.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat de Start vum Joer am Thema Weltrees wor, an een vun Europa - Amerika eran schnupperen konnt.
02) dat hat zeréckbehaalen gouf an hat sou beim Seminar fir ‚Een Daag als Astronaut' deel huelen konnt.
03) wéi wann mer duerch Zoufall vun enger BikerParty gewuer gi sinn, an d'Locatioun du gecancelled hun.
04) dat de Raoul&Tom zerèckgetrueden sinn,MIR hinnen MERCI soen an deenen Neien vill Gléck wënschen.
05) dat Tasha&Amélie sëch daat nët entgoen wëllen loossen an matginn fir vill flott Erfahrungen ze maan.
06) dat d'Organioun lues a lues un d'Rullen kënnt an eppes flottes am Thema EUROVISION op Been stellt.
07) dat daat eis nët stéiert a mir kreativ Léisungen sichen wéi zuletzt d'Multitreffen tescht Drauwen&Äppel.
08) wéi wann mir immens vill Bestellungen haaten an Léit och super um OccasionsDësch zougegraff hun.
09) dat dësen neien Event vill Succes huet mat > 100 Participants an Sie hei vill bailéieren punkto kachen.
10) wéi wann Lions Bleus dann ab ScoutsAlter um internationalen WoidLa'24 zu Zierings deelhuelen wärten.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Konsbruck-Droulans, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, . . ..

# AGENDA | Dezember-Januar'24

| dezember'23 | | | januar'24 | | | februar'24 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Fr | 1 | | Me | 1 | | Do | 1 | |
| **Sa** | 2 | **LBB Kréschtmmaart & Kleeschen** | Dë | 2 | | Fr | 2 | |
| **So** | 3 | | Më | 3 | | **Sa** | 3 | BV/LX/EX<br>FNEL SG Explo |
| Me | 4 | | Do | 4 | | **So** | 4 | FNEL SG Explo |
| Dë | 5 | | Fr | 5 | | Me | 5 | |
| Më | 6 | | **Sa** | 6 | **LX Weekend** | Dë | 6 | |
| Do | 7 | | **So** | 7 | **LX Weekend** | Më | 7 | |
| Fr | 8 | | Me | 8 | | Do | 8 | FNEL Réunion semestrielle |
| **Sa** | 9 | BV/LX/EX<br>**SG Sortie / ROTB Weekend** | Dë | 9 | | Fr | 9 | **Départ TECHUANA** |
| **So** | 10 | **ROTB Weekend** | Më | 10 | | **Sa** | 10 | **TECHUANA**<br>**BV Weekend** |
| Me | 11 | | Do | 11 | COMITÉ | **So** | 11 | **TECHUANA**<br>**BV Weekend** |
| Dë | 12 | | Fr | 12 | | Me | 12 | **TECHUANA** |
| Më | 13 | | **Sa** | 13 | BV/LX/TV | Dë | 13 | **TECHUANA** |
| Do | 14 | | **So** | 14 | FNEL EX SportsDag | Më | 14 | **TECHUANA** |
| Fr | 15 | | Me | 15 | | Do | 15 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 16 | BV/LX/TV<br>**EX Weekend** | Dë | 16 | | Fr | 16 | **TECHUANA** |
| **So** | 17 | **EX Weekend**<br>FNEL RO BA op der Rumm | Më | 17 | | **Sa** | 17 | **TECHUANA** |
| Me | 18 | | Do | 18 | | **So** | 18 | **Retour TECHUANA** |
| Dë | 19 | | Fr | 19 | | Me | 19 | |
| Më | 20 | | **Sa** | 20 | BV/LX/PV/EX | Dë | 20 | |
| Do | 21 | COMITÉ | **So** | 21 | | Më | 21 | |
| Fr | 22 | | Me | 22 | | Do | 22 | COMITÉ |
| **Sa** | 23 | | Dë | 23 | | Fr | 23 | |
| **So** | 24 | | Më | 24 | | **Sa** | 24 | BV/LX/EX<br>**SG Sortie** |
| Me | 25 | | Do | 25 | COMITÉ prép.AG | **So** | 25 | |
| Dë | 26 | | Fr | 26 | | Me | 26 | |
| Më | 27 | **BV Camp** | **Sa** | 27 | BV/LX/PV/EX<br>**LBB AG** | Dë | 27 | |
| Do | 28 | **BV Camp** | **So** | 28 | | Më | 28 | |
| Fr | 29 | **BV Camp** | Me | 29 | | Do | 29 | |
| **Sa** | 30 | | Dë | 30 | | | | |
| **So** | 31 | **LBB SYLVESTER** | Më | 31 | | | | |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

... No enger Location, haten mir op emol en DellenFrigo... De Lynx & Mammut hu mol eng Simulation gemaach wéi ët evtl dozou konnt kommen ....



LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

* THATS ALL FOLKS ...